ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Tratten, den 11. November 2021

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt an de leschte Summerméint d'Nofro fir den Äerdgas fir d'Strouproduktioun staark an d'Luucht gaangen ass,
- datt duerch déi wirtschaftlech Erhuelung no der Covid-Kris d'Nofro fir den Äerdgas staark an d'Luucht gaangen ass,
- datt d'Präisdeierecht fir den Äerdgas och politesch Grënn huet, ewéi z.B. am Hibléck op déi europäesch Relatioune mat Russland,
- datt den Äerdgas e wichtegt Element ass bei der Erzeugung vum Stéckstoffdünger,
- datt den Äerdgas den Ament ronn 70 Prozent vum Präis fir d'Düngemëttel ausmécht,
- datt duerch d'Deierecht vum Äerdgas och de Präis fir d'Düngemëttel staark an d'Luucht gaangen ass,
- datt duerch de staark erhéichte Präis vun den Düngemëttel vill Baueren ënnert staarkem finanziellen Drock stinn,
- datt aner Länner, ewéi z.B. Polen, wéinst der Deierecht vun den Düngemëttel de Baueren zousätzlech finanziell Ënnerstëtzung ugebueden hunn,

fuerdert d'Regierung op,

- d'Baueren, déi d'duerch déi massiv Deierecht vun den Düngemëttel ënnert staarkem finanziellen Drock stinn, zousätzlech finanziell Hëllefen zoukommen ze loossen.